Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/12/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

De 27ten November huet de *Bundesverband der Verbraucherzentralen und Verbraucherverbände* ee Rapport veréffentlecht, deen d'Auswierkunge vum europäesche Dateschutzreglement (GDPR) op d'Verbraucher ënnert d'Lup hëllt. An deem Rapport monéiert d'Verbraucherzentrale ënnert aanerem den Dateschutz vu Mannerjäregen. Notamment bemängelt de Rapport

> Es muss grundsätzlich ausgeschlossen werden, dass Kinder selbst in die Verarbeitung besonderer Kategorien von personenbezogenen Daten einwilligen können sowie dass Kinder selbst darin einwilligen können einer auf einer automatisierten Verarbeitung beruhenden Entscheidung unterworfen zu werden.

a proposéiert als Léisungsusatz

> Es muss sichergestellt werden, dass die besondere Schutzbedürftigkeit von Kindern bei der datenschutzgerechten Systemgestaltung sowie bei datenschutzfreundlichen Voreinstellungen gebührend berücksichtigt wird. (Säit 6 & 7)

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn déi zoustänneg Ministeren mat der Aschätzung vum Rapport averstanen?
   - Falls jo, wäerten si um nationale Kader legiferéieren, fir ze verhënneren, dass Donnéeë vu Mannerjäreger an automatiséierten Dateverarbeschtungsprogrammer kënnen traitéiert ginn ?
   - Falls nee a falls d'Regierung plangt de Problem iwwert d'EU-Instanzen ze léisen: Wéini wäert d'Regierung d'Thematik an engem EU-Sommet op den Ordre u Jour setzen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange